1/2026

GRÉNG NEWS

LOKALSEKTIOUN KÄL-TÉITENG

déi gréng Käl-Téiteng

GRÉNG NEWS AUS DER GEMENG ZUM KLIMATEAM

D'Klimateam ass e Grupp vu Bierger*innen aus der Gemeng, déi sech fir konkret lokal Klima-schutzmoossnamen asetzt.

Fir eis als gréng Memberen ass et wichteg, als Bierger*innen gehéiert ze ginn an e Matsproocherecht ze hunn.

Firwat engagéiere mir eis am Klimateam ?

Lisa Clees:
Ech hale Beien, fir eppes fir ons Bestäuber ze maachen a wënsche mir, dass an onser Gemeng nach vill méi beien- an insektefrëndlech Blummen a Beem geplanzt ginn.

Paul Bressler:
Klimaschutz ze ignoréieren, gëtt eis an Zukunft eng deier. Et geet awer net ëm Verzicht: selwer produzéiert Energie notzen an domat ze fueren, ka genee wéi eng besser an nohalteg Mobilitéit, och Spaass maachen. Mir brauchen eng Gemeng, déi op d'Hëtzt duerch de Klimawandel virbereet ass.

Danielle Thurmes:
Et ass mir wichteg, Verantwortung mat ze iwwerhuelen, fir eis Natur an Ëmwelt ze schützen an eng liewenswäert Zukunft fir déi nächst Generatiounen ze sécheren. Dofir wënschen ech mir, dass eis Vëlosweeër gutt vernetzt a sécher ginn, eng Vëlosschoul ugebuede gëtt, fir dass Kanner, Jugendlecher an Erwuessener Loscht op Vëlofueren am Alldag kréien.

Marc Pletsch:
Manner Versigelung an der Gemeng ass mir wichteg, esou datt Waasser versickere kann, Planze wuessen, d'Natur Raum behält an d'Haiser dréche bleiwen.

Marc Lukas:
Europa muss elo endlech autonom ginn. Dowéinst gehéiert zukünfteg an all Haus eng Wärmepompel a Solarzellen. Fir eis politesch Verantwortlech heescht dat, ouni Kompromiss an erneierbar Energien ze investéieren - op Gemengeniveau, mee och zesumme mat de Bierger*innen a Privatacteuren.

EISEM COMITÉ AN DE MEMBEREN HIERT ENGAGEMENT

VIVIANE PETRY

Gemengeréitin
Kommissiouns- an
Naturpaktteammember

MARC PLETSCH

Präsident Lokalsektioun
Kommissiouns- a
Klimateammember

DANIELLE THURMES

Präsidentin Lokalsektioun
Klimateammember

RITA BRORS

Comité Member
Lokalsektioun
Sekretärin

VIVIANE PETIT

Comité Member
Lokalsektioun
Trésorière

ASTRID SCHARPANTGEN

Comité Member
Lokalsektioun
Kommissiounsmember

PAUL BRESSLER

Comité Member
Lokalsektioun
Klimateammember

MARC LUKAS

Comité Member
Lokalsektioun
Klimateammember

Mir engagéieren eis an de Kommissiounen, am Klima - an Naturpaktteam, an der Lokalsektioun.

Vun 2011-2021 konnten engagéiert Bierger*innen och an de Gemenge-kommissiounen matbestëmmen. Mir wëllen dës Dynamik nees zeréck fir d'Stëmm vum Alldag erëm an d'Politik ze bréngen.

ELISABETH dite Lisa **CLEES**

Klimateammember

FELIX KLEINE BORGMANN

Kommissiounsmember

MARIANNE DURY

Kommissiounsmember

FRANKY BAATZ

Kommissiounsmember

PATRICK MULLER

Kommissiounsmember

FATIMA GONCALVES-CRESTANI

Kommissiounsmember

ROLAND PETIT

Kommissiounsmember

GILLES KOM KENMEGNE

Member Lokalsektioun

SABINE RÖHLER

Member Lokalsektioun

BUDGET: ELO VERANTWORTUNG IWWERHUELEN

An eiser Oppositiounspolitik brénge mir Iddien, hannerfroen déi aktuell Gemengepolitik vun der CSV-LSAP Majoritéit.

BUDGET 2026
ELO VERANTWORTUNG IWWERHUELEN! 1/2

👉 🔍 Mir kucken de Budget 2026 kritesch, mee konstruktiv.

👉 ✅ Positiv:

- Méi staatlech Recetten & gespuerten TICE-Ausgabe = Chance fir wichteg Projeten
- Gutt Usätz fir nohalteg Entwécklung (endlech!)
- Investitiounen an d'Bildung (Infrastrukturen)
- Mobilité douce gëtt gestäerkt

VIVIANE PETRY

BUDGET 2026

ELO VERANTWORTUNG IWWERHUELEN! 2/2

❌ Mee et geet net wäit genuch:

- Keng nei PV-Anlagen op kommunale Gebaier - Energietransitioun brauch Tempo!
- Ze wéineg Ambitioun fir Biodiversitéit & Naturpakt
- Mauere maache keng Bildung - Am SEA feele Fachleit
- Kee kohärent Foussgänger- a Vëlosnetz
- Kee Budget participatif - Biergerbedelegung bleift aus

👉 Fazit: Gutt Usätz, mee ze vill verpasste Chancen.
Dofir: **Enthalung beim Budget 2026.**

Eis Gréng ass et wichteg, aktiv eppes zur Verbesserung vun onser Ëmwelt bäizedroen. Zesumme mat der Gemeng schaffe mir, ‚déi gréng', fir um kommunale Plang wierkungsvoll Moossnamen ëmzesetzen.

- **Natur a Klimaschutz si kee Luxus mee eng Noutwendegkeet, an och eng sozial Fro**
- **Krich mécht Energie deier**
- **Erneierbar Energien - eng Fro vu Sécherheet**
- **Sonn a Wand maachen eis onofhängeg**
- **Energie-Onofhängegkeet fänkt an der Gemeng un**

INVITATIOUN

FRÉIJOERS-TRËPPELTOUR MAM GRÉNGE MANN

Mir invitéieren op e spannende Bësch-Entdeckungstour mam «Grénge Mann»

Umeldung bis Méindes de 26 Mee sastrid@pt.lu
Zopp, Gedrénks, Kaffi an Dessert am Präis abegraff

Präis: 20 € pro Erwuessenen, Kanner a Studente gratis.

Ze iwwerweisen op déi gréng Käl-Teiteng: LU19 0099 7800 0067 4291 (CCRA) oder op der Plaz bezuelen. --> Kontakt : 621 46 07 57

Samschden | Samedi
30.05.2026 | 10h00

Zuuchtanlag vun der société avicole Station d'élevage de la société avicole
99, rue Eweschbour L-3638 Kayl - Parking vis-à-vis

Och du wëlls eppes an denger Gemeng beweegen?

Du wëlls eng méi nohalteg, gerecht a liewenswäert Gemeng? Mir schaffen drun! Wanns du Loscht hues eis kennenzeléieren, oder en Deel vun der grénger Ekipp ze ginn, da mell dech op kayl@greng.lu

GËFF OCH DU GRÉNG!
TOI AUSSI DEVIENS VERT.E !
YOU TOO, BECOME GREEN!
www.greng.lu/member

déi gréng Käl-Téiteng
kaylteiteng.greng.lu
kayl@greng.lu
www.facebook.com/grengelo/

Eis Lokalsektioun mat engem Don ënnerstëtzen? - IBAN LU19 0099 7800 0067 4291

Conformément à la loi sur le financement des partis politiques, les dons en provenance d'une société de même que les dons anonymes sont interdits. Chaque parti doit déposer auprès de la Chambre et du Ministre d'Etat un relevé des donateurs ayant versé plus de 250€ par an.